PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/06/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Sozialversécherung, Aarbecht & Gesondheet weiderzeleeden.

Den 24. Abrëll huet d'Plattform JIF 2020 (Journée internationale des Femmes) een Appell un d'Regierung an un d'Deputéierten addresséiert, fir verschidde sozio-ökonomesch Donnéeën z'erhiewen an ze veröffentlechen, fir op déi Mannéier kënnen Analysen ze maachen iwwert den Impakt vun der COVID-19 Kris op déi eenzel Geschlechter an Akommensschichten.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Kenntnis vun dëse Fuerderungen ?
2. Plangt d'Regierung den Demanden vun dëser Plattform Rechnung ze droen?
3. Ass d'Regierung der Meenung datt dës Donnéeën als "Open Data" sollten veröffentlecht ginn?
4. Wéi laang schätzt d'Regierung, datt se wäert brauchen, fir dës Donnéeën z'erhiewen, ze verschaffen an ze publizéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député